



NEWSLETTER

VUN DER SEKTIOUN MUNNREF

FOTO V.L.N.R.: TUN HILTGEN, CANDIDA ESTEVES, CHARLOTTE STRASSER, NICOLE LAFLEUR, TESSY ALTMANN, ROMY WAGNER, CAROLINE ORIGER, STEVE RECKEL, MAX REUTER, CLAUDE SCHOMMER, MICHEL RAGUET, MARC BICHLER, CLAUDE STEPHANY, GUY SCHADECK, LÉO SCHAUS, DAVID PIRES, CHRIS SIBENALER (ET FEELEN: LEX DELLES, NIC DICKEN)



WAT MIR BIS ELO ËMGESAT HUNN



Bushaischen Traversée

Fäerdegstellung an Opwäertung vun der neier Busgare zu Munneref. Mat der elektronischer Borne gëtt d'Waardezäit fir d'Leit verkierzt a si kënnen digital entdecken, wat d'Gemeng Munneref ze bidden huet. Komplettéiert gëtt dëst Gebai duerch déi zwou nei ëffentlech Toiletten.



Forage-Captage Plinnesbongert

Mat dëser Buerung konnt eng zousätzlech Drénkwaasserreserve geschafe ginn. Zesumme mam Erneiere vun den 2 Waasserbehälter um *Wouer-* resp. *Stengenerbësch* ass d'Gemeng Munneref fir déi nächst Joren do gutt opgestallt.



Verkéiserssécherheet Altwis + Elleng

An den Uertschaften Altwis an Elleng sinn eng ganz Rei Zebrastreifen ëmgebaut ginn, respektiv bäikomm. Duerch eng méi enk Fuerbunn, eng méi performant LED-Beliichtung an duerch verschidden Inseln ass d'Sécherheet vun de Foussgänger verbessert ginn.



Paschtoueschhaus Elleng

An enker Zesummenaarbecht mam *Institut National pour le Patrimoine National*, ass d'*Paschtoueschhaus* zu Elleng am Fong sanéiert a renovéiert ginn. D'Erhale vum architektonesche Patrimoine stoung hei kloer am Virdergrond. An Zukunft wäert eng Famill mat Kanner am Haus wunne kënnen.



Renovatioun Sportshal

D'Sportshal zu Munneref gouf sanéiert an ass elo energetesch a sécherheetstechnesch um neiste Stand. Nieft den aktuelle Brandschutzmoossnahmen, ass och eng Photovoltaiksanlag um renovéierten Daach installéiert ginn. Mat den neien, ëmweltfrëndlechen LED-Luuchten, der renovéierter Ramp, déi den Accès bei d'Hal fir all Bierger accessibel mécht, fonkelt de Centre Sportif Roll Delles nees fir all Sportler a Spectateuren am neie Glanz.

EIS NEI PROJETEN



MESURE ANTI-CRUE

Déi lescht Joeren hunn gewisen, wéi wichteg Investissementer an den Héichwaasserschutz sinn. Déi drëtt Phase vun dësem wichtege Projet gesäit méi e breet Flossbett an eng nei Holzbréck vir. Weider soll den Ënnerhalt vun der Baach, an Zesummenaarbecht mam Waasserwirtschaftsamt, méi intensiv ginn. Duerch den nei opgestallten Héichwaasserschutzprogramm kann d' Gemeng am Fall vun Héichwaasser dann och méi séier reagéieren.



SCHWÄMM

No enger laanger Preparatioun sinn déi definitiv Pläng vun der neier Schwämm ugeholl. Um Site Op Gréimelter wäerten net nëmmen d'Schüler vu Munneref an aus anere Gemengen kënnen schwamme goen; vun deene sëllege Basenge wäert och de Grand public, kënnen profitéieren – esouwuel banne wéi baussen.



TRAVERSÉE

No engem intensiven éischte Chantier sinn d'*Réimecher Strooss* an d'*Rue Frantz Clément* prett fir déi nächst Etapp. Nieft wichtigege Infrastrukturaarbechten, wéi dem Erneiere vum Kanal an der Erweiterung vum Gas- an Drénkwaasserreseau wäerten déi zwou Stroossen sech optesch verännern. Nei Parkingsplazen, e *Shared space* mat limitéierter Vitesse op 30 km/h, Vëlospisten an eng nei Bamallee sinn am Projet virgesinn.

EMWELT AN ENERGIEEFFIZIENZ

D'Diskussiounen ëm ons Ëmwelt an ëm d'Energieeffizienz si méi ewéi aktuell. Mir sinn houfreg, dass mir als Majoritéit der Ëmwelt déi lescht Jore schonn eng Prioritéit ginn hunn, an eng Rei Moossnamen an deem Sënn decidéiert hunn:

- ♦ Konstante Monitoring vun den ëffentleche Gebaier, fir den Energieverbrauch ze moossen an eventuell Adaptatiounen ze huelen
- ♦ Mam Stroosseluuchteprogramm, dee Schratt fir Schratt ëmgesat gëtt, sinn déi lescht Zäit scho vill Luuchten op LED ëmgerëscht ginn. Dës modern Technik erlaabt eng Reduktioun vun der Lichtverschmutzung, méi Energieeffizient an eng verbessert Sécherheet op eise Stroossen
- ♦ Och an anere Gemengeninfrastrukture goufen LED-Luuchten agebaut, wéi rezent um Fussballsterrain, woumat däitlech manner Energie verbraucht gëtt
- ♦ Elektromobilitéit spillt fir d'DP-Majoritéit eng wichteg Roll. Mir si frou, dass d'Gemengegefeierer lues a lues duerch Elektrogefeierer ersat ginn. Weider sinn nei e-Bike kaf ginn, an de *Mondibus* fiert och elektresch.
- ♦ Dat neit Bautereglement ass am Sënn vun der Biodiversitéit opgestallt ginn. Esou sinn zum Beispill Schottergäert net méi erlaabt, an d'Gemengeservicer beméie sech, fir ëffentlech Plaze weider ze begréngen.





LOGEMENT

Déi lescht Joren hu mir als Majoritéit dem Logement e besonneschee Stellwäert ginn. Mir hu vill investéiert an Haiser kaf, respektiv Gemeengegebaier renovéiert. Esou hu mir et fäerdeg bruecht, dass d'Gemeng Munneref elo Proprietär vu 17 Logementer ass. Dat si 55 Leit, deene mir kënnen en Daach iwwert dem Kapp zur Verfügung stellen.

De Projet *Millbaach* asseng Première fir eis Gemeng. De Projet gesäit 4 Eefamilljenhaiser an eng Residenz mat 4 Unitéite vir. D'Haiser gi spéider iwwert e Punktesystem mat engem *Bail emphytéotique* verkaf, während d'Appartementer an der Hand vun der Gemeng bleiwen a verlount ginn.

Am Zentrum vun Altwis iwwerdeems soll en anere Projet vun der Gemeng Wunnraum schafen. Hei si 6 innovativ Wunnunitéiten virgesinn.

De Projet *A Kréiesch* steet an de Startlächer. Während um Rez-de-Chausée eng Brasserie den Duerfkär vun Elleng beliewe soll, sinn um éischte Stack zwou Wunnenge virgesinn.



FIR IECH AM GEMENGEROT

Foto v.l.n.r.: Tessy Altmann, Candida Esteves, Claude Schommer (Schäffen),
Steve Reckel (Buergermeeschter), Charlotte Strasser, Nicole Lafleur



mondorf.dp.lu

ÄR MANDATAIREN AM BEZIERK OSTEN



Lars Dellen

Initiativ "Beraterclub" am Tross der neuen Anleihe für r



Gilles Baum

Präsidenten des Arbeitsrat



Carole Hartmann

Deputierte



#GËFFMEMBER

Schreift dich an op
meembesop.lu



Demonstrationsch Partei
2A, rue des Capucins
L-1212 Luxembourg
Tel: (+352) 22 10 20

